

Nationalfeierdag an der Gemeng Cliärref

Um Virowend, den 22. Juni 2021

Musikalesch Tournée duerch déi ganz Gemeng

Um Virowend vun Nationalfeierdag, Dënschdeg, 22. Juni,
kënnt d'Musik bei Ech heem an d'Duerf.

Zesumme mat de lokale Musiks- a Jugendveräiner huet d'Gemeng Cliärref eng musikalesch Tournée organiséiert. Vun 18.30 Auer un starten d'Musikanten an déi Jugendlech fir Ech **e klenge Concert (+/- 15 Min.)** mat zum Schluss der "Heemecht" bei Ech an Är Uertschaft ze bréngen.

Kommt kucken a genéisst den Nationalfeierdag eemol anescht. Denkt un Är Mask a respektéiert d'Distanz. Sollt et reenen, fällt déi musikalesch Tournée aus.

Hei de Programm vun der Tournée:

Cliärrwer Musik

- 18.30 **Cliärref Altersheim** Résidence des Ardennes
- 19.30 **Cliärref** Maartplaz/Foussgängerzon
- 20.30 **Mecher** bei der Kapell
- 21.30 **Wäicherdang** (nieft dem Café Bourg)
- 22.30 **Eeselbuer** (vis-à-vis Café A Péitesch)

Hëpperdang Musik

- 18.30 **Cliärref Altersheim** St. François
- 19.30 **Reiler** bei der Kierch
- 20.30 **Ischpelt** bei der Kierch
- 21.30 **Grandsen** bei der Kierch
- 22.30 **Hëpperdang** bei der Schoul

Munzener Musik

- 18.30 **Draufelt** bei der Kierch
- 19.30 **Siwwenaler** op der Bréck
- 20.30 **Munzen** bei der Kierch
- 21.30 **Rueder** beim Bus Arrêt
- 22.30 **Maarnech** bei der Klack (Cube)

Léiler an Hengeschter Musik

- 18.30 **Léiler** am Schoulhaff
- 19.30 **Hengesch** bei der Kierch
- 20.30 **Tëntesmillen**
- 21.30 **Kaalber** bei der Kierch
- 22.30 **Fëschbech** bei der Kierch

*Mir wënschen
Ech ee schingen
Nationalfeierdag!*



**NET OUNI
MENG MASK**

